



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel :
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :
brain&more, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :
Saint-Paul Luxembourg SA
2, rue Christophe Plantin
L-2988 Luxembourg

Editpress SA
Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll
L-4361 Esch-sur-Alzette

rescht Géigebeispill fir déi Theorie vun der Aarbechtsplazvernichtung duerch de Mindestloun.

Ech hunn dat iwwregens och an deem leschten EPSCO-Conseil (ndlr: Conseil „Emploi, politique sociale, santé et consommateurs“), deen d'lescht Woch war, deene Kollegen aus den EU-Länner gesot, déi ëmmer nach skeptesch si fir eng europawäit Aféierung vun engem Mindestloun. Ech si frou, dass et just e Lëtzebuerger Kommissär ass, deen an der Kommissioun derfir suergt, dass do eng Initiativ ausgeschafft gëtt, fir endlech de Mindestloun och um europäeschen Niveau ze etablieren.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Ech wëll awer och soen, dass d'Regierung natierlech och déi ekonomesch Säit vun der Problematik gekuckt huet an och am ekonomesche Beräich hir Verantwortung iwwerhëlt. Dofir gëtt jo och parallel e Projet de loi vu Kompensatioun op den Instanzewee geschéckt, deen zäitlech begrenzt an zilgeriicht deene vulnerabelste Betriber hëlleft, fir dës Mindestlounerhéijung och kënnen ze verkraaften. An de Minister Delles wäert am Numm vun der ganzer Regierung dëse Projet mat lech hei an der Chamber diskutieren. An ech ginn dervun aus, dass mer och deen a grousser Eestëmmegkeet hei wäerten evaküieren.

D'Erhéijung vum Mindestloun gëtt geschat mat enger zousätzlecher finanzieller Belaaschtung fir d'Betriber pro Joer vu ronn 54,7 (veuillez lire: 54,3) Milliounen Euro. Dee Projet de compensation vun deem ech geschwat hunn, do gëtt geschat, dass dat sech ëm ronn 20 Milliounen wäert handelen.

Donieft, an dat soll een awer och eng kéier hei soen, dierf een net vergiessen, dass d'ëffentlech Hand souwisou e groussen Deel vun deene 54,3 Milliounen iwwerhëlt, eeben duerch d'Ausbeuele vum Chômage partiel, wou leider nach eng ganz Rei vun deene Betriber wäerten dovunner profitieren, déi am Mindestlounberäich aktiv sinn.

An ech wëll hei mol nach net vun all deenen zousätzlechen Aidë schwätzen, déi mer als Regierung op den Instanzewee bruecht hunn, déi schonn decidéiert sinn an déi an der nächster Zukunft och nach wäerten decidéiert ginn. An ech ginn och do dervun aus, dass d'Chamber doriwwer kee Sträit wäert kréien. Dofir, wann een dat alles kuckt, wär et vläicht un der Zäit, dass déi grouss Kritiker un dëser Mindestlounerhéijung ee fir alle Mol, oder vläicht dës Geleeeënheet genotzt hätten, fir eng kéier eng aner Plack opzeleeën an, wa se schonn déi Mindestlerhéijung net kënnen begrëissen, sech zumindest an hirer Kritik zrëckgehal hätten.

D'Regierung huet also hir sozial politesch Responsabilitéit iwwerholl a gesteeet deene mat deene klengste Paien dat zou, wat déi aner scho laang kritt hunn. Och dat ass virdrun hei gesot ginn. Vergiesse mer net, dass déi 2,8%eg Erhéijung net méi an net manner ass wéi d'Upassung un d'Lounentwécklung vun de Joren 2018 an 2019.

Si huet dat gemaach, déi lokal politesch Verantwortung iwwerholl, awer och mat engem ganz klare realpolitischen ekonomeschen Ausbléck. Et ass also net dat eent géint dat anert, mee et ass dat eent mat deem aneren. Vläicht wär et gutt, wa mer eis dee Prinzip géife méi oft zu Häerz huelen, fir och dës Kris nach besser ze meeschten.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Aarbechtsminister Dan Kersch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7719. Den Text steet am Document parlementaire 7719².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7719 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domat ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Martine Hansen), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7722 - Projet de loi portant sur la modification de :

1° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

2° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale

Mir kommen elo zum Projet de loi 7722 iwwert de REVIS. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

■ **M. Max Hahn (DP), rapporteur.**- Merci, Här President, dëse Projet de loi knäppt un un de Projet, iwwert dee mer elo grad ofgestëmmt hunn, nämlech d'Erhéijung vum Mindestloun. De REVIS, jo, dat wësst Der, dat ass dat soziaalt Opfangnetz fir déi Vulnerabelst aus eiser Gesellschaft, déi Schwierigkeiten hunn, sech an den Aarbechtsmaart ze integréieren.

Des Weidere solle jo Betreuungsmechanismen a finanziell Incitatiounen d'Leit derbäi ënnerstëtzen, erëm eng Aarbecht ze fannen, fir esou net méi op d'Hëllef vum Staat ugewisen ze sinn. De Volet vun der finanzieller Ënnerstëtzung ass also net deen eenzege wichtege Aspekt vum REVIS, et ass villméi en Zesummespill vun den Acteuren, notament der ADEM, dem ONIS (ndlr: Office national d'inclusion sociale) an hire Partner um Terrain. Well dës Zesummenaarbecht laut Echoe vum Terrain gutt fonctionéiert, hu mir eng reell Chance, d'Leit esou séier wéi méiglech aus der Aarmut erauszekréien an ze errechen, dass si net méi op déi finanziell Hëllef vum Staat ugewise sinn.

Här President, ech hat et schonn d'lescht Joer am Juni op dëser Plaz gesot: De Statec schreift a sengem Rapport „Travail et cohésion sociale“, dass de REVIS gutt mam Seuil absolu de pauvreté alignéiert ass. Fir dass dat och an Zukunft esou bleift, stëmmen mir haut schonn déi drëtt Erhéijung vum REVIS an och vum RPGH, also dem Revenu pour personnes gravement handicapées, zanter dass 2018 den RMG duerch de REVIS ersat ginn ass.

Dës Adaptatiounen geschéien, wéi gesot, parallel zu deene vum Mindestloun. Béid Revenuen, de REVIS an de RPGH, ginn also ab dem 1. Januar 2021 ëm

2,8 % erop, parallel zum Mechanismus, wéi mer e grad beschriwwen krute beim Mindestloun.

Wat, léif Kolleginnen a Kollegen, bedeit dat fir eise Budget 2021?

Ben, d'Prestatiounen fir de REVIS goufen op 200,3 Milliounen Euro geschat. Déi géifen elo ëm 5,6 Milliounen an d'Luucht goen. An déi fir den RPGH dogéint, déi ware mat 53 Milliounen Euro chiffriert an déi géifen ëm 1,5 Milliounen an d'Luucht goen. Alles an allem mécht dat deemno eng Hausse vu 7,1 Milliounen aus.

Här President, ech géif dann zu den Avise kommen. De Staatsrot huet säin Accord zu dësem Projet de loi ginn. D'Chambre des Salariés begréisst d'Adaptatiounen, bedauert awer, dass 2013 an 2015, wéi de Mindestloun an d'Luucht gaangen ass, keng Adaptatioun vun deenen zwee anere Revenuen, also dem REVIS an dem RPGH, gemaach gouf.

Här President, fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Just nach eppes wëll ech betounen, well een et net oft genuch ka widderhuelen: Dës Mesuren ënnersträichen déi gutt Sozialpolitik, déi mer hei zu Lëtzebuerg kennen an déi mer hunn an déi mer och nach weider verbessere wëllen. Dofir ginn ech ganz gären den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei. Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren. A menge Kommissiounsmembere soen ech villmools Merci, dass dat alles esou séier iwwert d'Bün gaangen ass a fir hir Flexibilitéit mat de Kommissiounssitzungen, notament wat d'Hoirairen ugaangen ass, déi emol déi eng oder déi aner kéier liicht geréckelt waren.

Villmools merci!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Rapporteur Max Hahn. An ech ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Paul Galles. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Paul Galles (CSV).**- Villmools merci, Här President. Merci och fir d'éischt dem Rapporteur, dem Max Hahn, fir säi gudden schrëftlechen an och de mëndleche Rapport. An och wann et tatsächlech heiansdo sportlech war, fir dëse Projet de loi virzebereeden an och ze diskutieren, esou hu mer et awer gäre gemaach, well mer de Sënn an d'Wichtigkeet vun dësem Projet de loi och als CSV agesinn a voll a ganz ënnerstëtzen.

De Montant vum REVIS an och de Montant vum RPGH, also vum Revenu d'inclusion sociale a vum Revenu fir d'Personnes gravement handicapées, geet also ëm 2,8 % an d'Luucht parallel zu deem, wat mer elo just an där Diskussioun iwwert dee Projet de loi virdrun héieren hu beim Mindestloun. An dat ass gutt esou! Et ass, wann et beim Mindestloun keen Automatismus ass, hei nach manner en Automatismus. Et ass wouer, dass et natierlech all zwee Joer erëm nei diskutéiert gëtt an och dann nei ugepasst gëtt, mee hei beim REVIS war et esou, dass et an deene leschte Joren - an d'Chambre des Salariés huet an hirem Avis nogerechent säit dem Joer 2006 - en Decalage gëtt. En Decalage, deen dohier kënnt, dass zweemol eeben de REVIS net ugepasst gouf, well den RMG zu där Zäit wéi de Mindestloun ugepasst ginn ass (veuillez lire: well den RMG zu där Zäit net wéi de Mindestloun ugepasst ginn ass). Dofir ass et eebe keen absolutten Automatismus. Also an dësem Fall ass et eng politesch Entscheidung, et trotzdem ze maachen. An dat ass eng Entscheidung, déi mir begrëissen, well mer mengen, dass se grad zu dëser Zäit essenziell a kruzial wichtig ass.

An esou vill wéi mer och hannert dem REVIS stinn, esou wëll ech trotzdem nach eng kéier och betounen, dass et ëmmer nach déi Froe gëtt an eis déi Froe bleiwen, déi mer eis awer trotzdem ëmmer nach stellen, déi sech iwwerhaupt op de REVIS insgesamt bezieien. Déi Fro mat de 25 Joer, déi Fro mam Haushalt, mat de Wunnenformen an och déi Fro mat der Simplification administrative. An dat si Froen, vun deene mer mengen, dass se ëmmer nach virulent a relevant bleiwen, soulaang mer d'Diskussiounen ëm de REVIS weiterféieren.

Wat awer ganz wichtig ass, an dat, mengen ech, muss een onbedéngt betounen, dat ass, dass, wann een de REVIS genau kuckt - an den RPGH ass jo un de REVIS ugeglicdert, gebonnen -, dann ass en eigentlech näischt anescht wéi déi gemeinsam vun eis an der Chamber parlamentaresch festgeluechte Mindestgrenz fir d'Aarmut. Et ass dee Montant, dee mir entscheiden, deen all Mënsch an dësem Land eigentlech zegutt soll hunn, fir kënnen ze liewen.

An dann, mengen ech, ass et ganz wichtig, och dee Gedankegang weiterzeféieren, dee bei deem Gesetzesprojet virdrun ugestouss ginn ass, wéi de Kolleeg Marc Baum deen Editorial aus der Fondation IDEA virgestallt huet, wou et drëms gaangen ass, dass et eeben ëm d'Mënsche geet, ëm d'Mënschen! A grad beim REVIS si mer ëmsou méi bei dësem Thema. Et geet net drëms, als Éischt - et geet och

drëms, mee net als Éischt - d'Kafkraaft vun de Mënschen ze erhéien, also eng konsumistesche Approche, mee et geet ëm d'Mënschen. A grad beim REVIS ass dat nach méi wouer wéi beim Mindestloun. Well beim Mindestloun kann ee gutt schwätze vun Humankapital - dat ass d'Wuert, wat do gutt passt, Humankapital -, mee beim REVIS schwätze mer och iwwer Mënschen, déi net onbedéngt an engem theoreetesche Sënn kapitaliséierbar si fir dat, wat een Humankapital kann nennen. Hei geet et ëm d'Wäert vun de Mënschen a wéi vill eis d'Mënsche wäert sinn, fir un eiser Gesellschaft kënnen ze participéieren.

An da muss een nach eng kéier och déi Fro stellen, déi d'Chambre des Salariés opgeworf huet, well eeben trotzdem en Decalage besteet vis-à-vis vun deem, wat beim Mindestloun erhéicht ginn ass. Si soen, dass do, wou elo 2,8 % dropgeluecht ginn, en eigentlech - wann ee wëllt op dee Punkt kommen am Verglach zu 2006, dass ee parallel géif bleiwen zu deem, wat de REVIS eigentlech hätt missen déi ganzen Zäit graduell erhéicht ginn - dës kéier ëm 4,35 % misst an d'Luucht goen. An déi Fro, déi ech der Madamm Ministesch gäre wëilt mat op de Wee ginn, ass déi, ob och do eppes virgesinn ass, fir dee Retard, deen do awer bestoe bleift, och iergendwann eng kéier opzehuelen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Paul Galles (CSV).**- Et ass eis wichtig, dass mer ëmmer erëm drop beharren a soen, dass de REVIS dat ass, wat d'Mënschen an dësem Land verdéngt hunn a wat mir entscheiden, dass hinnen zousteet.

En ass opgedeelt an déi Allocation d'activation an déi Allocation d'inclusion. Dat si Saachen, déi technesch ganz wichtig sinn, am Detail awer immens, immens tricky an heiansdo ganz, ganz komplex. Awer et ass kloer, et ass en universelle Bäitrag, dee fir all d'Mënsche gëllt, och wann en u Konditiounen gebonnen ass.

Dofir eis fest an eis iwwerzeegten Zoustëmmung zum REVIS.

An ech wëll awer zum Schluss vun dësem klengen Kommentar zu dësem Gesetz och nach eng kéier derbäisoen: Souguer wa mer elo op 2,8 % ginn a souguer wa mer op 4,35 % géife goen, da géifen déi Leit, déi Empfänger vum REVIS sinn, trotzdem an dëser Gesellschaft nach ënner villen anere Problematike leiden. An ech nenne just de Logement an och d'Integratioun an déi Gesellschaft, déi ganz oft gewinnt ass, mat ganz anere Montanten ëmzegoen.

Trotz allem, a grad well et dee richtege Moment ass, fir dëse Projet de loi ze stëmmen, d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun. An ech soen lech villmools Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Galles. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, Lëtzebuerg huet e staarke Sozialmodell. A grad an den Zäiten, an deene mer eis am Moment befannen, ass et kruzial, dass mir esou e Modell hunn. Dat huet beim viregte Projet zur Erhéijung vum Mindestloun mäi Fraktiounskolleeg a President Georges Engel gesot. A well et fir eis als LSAP esou wichtig ass, op e gudd Sozialsystem kënnen zrëckzegraifen, dee mir matopgebaut hunn, ass et fir eis evident, dass un dësem System a senge Prinzippien och a grad a Krisenzäiten net gefréckelt gëtt.

Dofir sti mir als LSAP hannert der Erhéijung vum Mindestloun, mee vergiessen awer net, dass et do dernieft Leit gëtt, déi aus verschiddene Grënn net kënnen enger gereegelter Aarbecht nogoen, mat engem normale Salaire, deen net duergeet, fir ze liewen, mee op zousätzlech Hëllef vun engem staarke Sozialstaat ugewise sinn.

Mat dem Projet, dee mer elo stëmmen, wäerten also ab dem 1. Januar de REVIS an och den RPGH, also Revenu pour personnes gravement handicapées, ëm 2,8 % an d'Luucht goen. Fir eis ass dës Mesure wichtig a richtig, well se deene Leit, déi et am néidegsten hunn, ënnert d'Äerm gräift.

Wéi d'Zuelen eis weisen, geet d'Präisdeierecht weder an d'Luucht, vun de Präisser vum Immobiliemarché guer net ze schwätzen. Dës Erhéijung ass also absolutt ubruecht.

Här President, eis läit besonnesch um Häerz, dass d'Schéier tëschent Aarm a Räich net och nach duerch Manipulatiounen un eisem System duerch eng Kris, fir déi keen eppes kann, weider auserneegeet. Au contraire! An esou Zäite wéi dëse musse mer verstärkt hëllefen an alles drusetzen, dass et jiddwerengem gutt geet.

Dir Dammen an Dir Hären, aus dëse Grënn war et fir eis vun UFank u kloer, dass dës Erhéijung op den 1. Januar e Garant vun der sozialer Gerechtegkeet ass. An ech gi selbstverständlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun. A mat engem besonnesche Merci un de Rapporteur fir seng Rapporten. Merci.



■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Asselborn-Bintz. An d'Wuert ass elo fir déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- Här President, Kolleginnen a Kollegeen, als Éischt wëll ech dem Här Rapporteur Merci soe fir säin exzellente schrëftleche wéi mëndleche Rapport. Virun zwee Joer, genau ëm dës Zäit, hunn ech meng éischt Ried an der Chamber zum REVIS gehalen. Zwee Joer méi spët passe mer de REVIS an den RPGH der Entwécklung, zesumme mam Mindestloun, un.

Dës Revenue gi vun de vulnerabelste Mënschen aus eiser Gesellschaft bezunn. Si fannen oft aus ganz verschidde Grënn guer net oder nëmme schwéier Zougang zum regulären Aarbechtsmarché. Oder si ginn awer vläicht enger Aarbecht no, bei där d'A-kommes net duergeet, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Mir schwätzen ëmmer erëm vum Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg. An dat ass och gutt esou. Mir dierfen eis zu kengem Moment domat offannen. A besonnesch a Krisenzäiten, wou d'Auswierkunge vun der Kris ëmmer méi present ginn, sollte mer net just eemoleg Hëllef zur Verfügung stellen, mee och strukturell Aiden ausschëdden. Andeems mer de Montant ëmmer erëm evaluéieren an upassen, ënnerstëtze mer déi, déi d'sozial Hëllef am meeschte brauchen. Zesumme mat der Erhéijung ëm 10 % vun der Allocation de vie chère, kréien déi Vulnerabelst aus der Gesellschaft wichteg finanziell Ënnerstëtzen.

Här President, wéi mer dat neit REVIS-Gesetz 2018 gestëmmt hunn, gouf an enger Motioun festgehalten, dass d'Gesetz all dräi Joer evaluéiert muss ginn. Dat war am Joer 2021 de Fall. An ech freeë mech elo schonn op e konstruktiven Echange an der zoustänneger Kommissioun iwwert d'Zuelen, d'Beneficiairen, d'Delairen an d'Mechanismen.

Här President, virun zwee Joer hunn ech deemools vu lauter klengen Zännrieder geschwat, déi aneneegräifen an déi net ouni enee kënnen fonctionéieren. Domat war eise Sozialsystem gemengt an d'Mesure selwer, an deem Fall eist REVIS-Gesetz, mat senger Krittären a Kompositiounen, ass dat eent Zännrad an den ugepasstene Montant, dee mer haut ajustéieren, ass en anert. De Mindestloun, de REVIS, den RPGH, d'Allocation de vie chère, si alleguerste stellen Zännrieder an eise Sozialsystem duer, un déi mer kënnen dréie goen, fir eng méi inklusiv, eng méi gerecht an eng méi solidaresch Gesellschaft ze hunn. Besonnesch a Krisenzäite muss dat eiser aller Usproch sinn.

Ech ginn heimat ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Bernard. An d'Wuert ass elo fir den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir déi gutt Explikatiounen an och dee gudde Redigé vun allem.

D'ADR ass eng sozial Partei a säit hirer Grënnung dréit d'ADR dat Soziaalt ganz staark an hirer DNA. An hei ass et esou, dass et sech dacks ëm Leit handelt, déi duerch iergendwellech schwierig Ëmstänn an hirem Liewen - vläicht duerch hiert eegent Verscholden, oft och duerch vläicht aner Ëmstänn - an esou eng Situatioun komm sinn, wou se schwéier erauskommen a wou se et ganz schwéier hunn am Liewen. A mir sinn natierlech do gäre bereet, an dat ass jo och e schéint Zeechen, dass, ech mengen, d'ganz Chamber bereet ass, dann do eppes ze maachen, dass déi Leit dann och eppes méi kréie fir d'nächst Joer. An duerfir soe mer kloer Jo, fir dass de REVIS an och déi Hëllef fir déi handicapéiert Leit, déi staark handicapéiert Leit, ëm 2,8 % an d'Luucht geet am Januar. Mir soe Jo.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Keup. An da geet d'Wuert weider un den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Leit, déi de REVIS bezéien, si ganz dacks Leit, oder an de meeschte Fäll sinn et Leit, déi schaffen, mee déi net genuch Zäit hunn oder net genuch Stonnen hunn, fir kënnen, deelweis och duerch hir familiär Situatioun, op e Montant ze kommen, deen e Minimum vun deem garantéiert, wat de Staat iwwer bestëmmte Barëmen definéiert, an déi duerfir op de REVIS zrëckgräifen. Dat heescht, et sinn net nëmme Leit, déi duerch äusser Ëmstänn oder eegent Verscholden an eng schwierig Situatioun komm sinn, mee déi äusser Situatioun, dat ka sinn, dass een op eemol Kanner krut an dass ee seng Aarbechtszäit huet misse reduzéieren, fir Famill an Aarbecht kënnen mateneen ze verbannen. Dat kann esou en äusseren Ëmstand sinn. An et huet een awer dann net méi genuch Stonnen, an de Revenu, deen do erakënn, geet net duer.

Dat sinn esou Situatiounen. Dat ass eppes, wat et an eiser Gesellschaft vill gëtt. An et ass dat, wou mer musse kucken an oppassen, och mat deene Montanten, déi mer asetzen, dass mer deem Minimum gerecht gi vun deem, wat een „dezent liewen“ nennt. De Rapporteur ass virdrun och op déi Etüd vum Statec agaangen. Ech kommen herno nach eng Kéier drop zrëck.

Duerfir, direkt virewech gesot, déi Upassung, an en similaire vum Mindestloun, vun 2,8 % droe mir als Lénk natierlech absolutt, absolutt mat.

Et ass och gesot ginn, an och dat ass richtig, wann et fir de Mindestloun keen Automatismus ass, dann ass et fir de REVIS oder fréier den RMG nach manner en Automatismus. An dat hu mer leider gesinn an der Vergaangenheet, nämlech an de Joren 2013 an 2015 ass de Montant net ugepasst ginn un déi allgemeng Lounentwécklung, wat deen Ecart nach weider méi grouss gemaach huet. An deen Ecart riskéiert méi grouss ze ginn, soulaang mer de Retard net ophuelen. Duerfir menge mir als Lénk, ännlech wéi och d'Salariatskummer, dass et gutt wier, wann d'Regierung dee Montant géif deementsprechend upassen - dat wieren entre-temps nach eng Kéier 1,71 % -, fir wierklech an enger paralleler Schinn kënnen ze lafen.

Nawell stellt sech d'Fro vum REVIS, mengen ech, haut anescht an der Pandemie, matzen an der Pandemie, wéi ouni déi Pandemie, déi awer och eng Wirtschafts- a Sozialkris beinhalt. De REVIS an d'Konzept dovun si ganz staark opgebaut op den Term vun der Aktivatioun. Elo ass et awer esou, dass mer am Moment an enger Phas sinn, wou mer quasi deeglech beträff si mat Noriichten, wou grouss Firme Leit ofbauen an déi dann natierlech an enger éischer Phas an de Chômage kommen. A wann hir Chômagerechter ausgelaf sinn, déi dann deemno wéi eng Prise en charge am Beräich vum REVIS kréien.

An do musse mer kucken, ob déi Instrumenter, déi d'Majoritéit sech ginn huet, fir kënnen do de Suivi erëm ze maachen, d'Weiderfueren an d'Aarbechtsliewen, ob dat wierklech adaptéiert ass an ob dat och seng Friichten dréit. Well déi Echoen, déi mer vum Terrain kritt hunn, sinn - anescht wéi déi vum Här Rapporteur - net nëmme gutt, mee se sinn tout au plus mitigéiert. Et gëtt verschidde gutt Erfahrungen, et gëtt awer och ganz vill problematesch Erfahrungen mat der Ëmsetzung vun deem neie REVIS. Duerfir mengen ech, dass eng Evaluatioun vun deem Text an eventuell eng Readaptatioun vun deem Text sech imposéieren, besonnesch, well mer elo an enger ganz schwieriger Situatioun sinn, wou mer duerch déi allgemeng Aarbechtsmaartentwécklung riskéieren, dass méi Leit op déi doten Instrumenter mussen zrëckgräifen.

Am Rapport „Travail et cohésion sociale“ steet effektiv, dass de REVIS awer mat allen nëmmen erdenklechen an ufuenderbare Sozialhëllef, déi et soss nach gëtt, an all deem ..., also dans le meilleur des cas ass et esou, dass de REVIS effektiv,

mat all deenen anere Mesuren zesummen, kann dozou féieren, dass een en dezent Liewe féiere kann. Mee et ass e ganz prekäert Gläichgewiicht, wat och am Rapport „Travail et cohésion sociale“ steet.

A mir wëssen, dass nach ëmmer ganz vill Leit iwwerhaupt net wëssen, wat alles hir sozial Rechter sinn. Dat hu mer notament dorunner festgestallt, dass et eng enorm Augmentatioun ginn ass vun deenen Demandé vu Leit, déi d'Allocation de vie chère froen, an déi se och kréien, well se Urecht do-robber hunn, wat en däitlech Zeechen dovunner ass, dass d'Situatioun sech effektiv zougespëtz huet, mee dass et awer och virdru ganz vill Leit gi sinn, déi iwwerhaupt net gewosst hunn, dass et déi Méiglechkeete gëtt.

Dës Iwwerleeung matgesot, gi mer natierlech den Accord fir dës Erhéijung. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Marc Baum. An d'Wuert kritt elo dee leschten agedroene Riedner, den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Selbstverständlech begrësse mir Piraten, dass mat deem Gesetz de Montant vum REVIS an de Revenu fir Persounen mat enger Beantwärtung eropgoe soll. Fir déi Leit, déi wuel am mannsten hunn, ass all Euro wichteg an all Euro mécht den Ënnerscheed.

Mir wäerten dëse Projet dofir haut matstëmmen, wellen awer och drun erënneren, dass déi wierklech kleng Hausse, vun där mir haut schwätzen, bää Wäitem net duergeet, fir wierklech eppes géint den Aarmutsrisiko am Land ze maachen.

Et geet hei ëm eng punktuell Upassung, mee net ëm richtig sozial Mesuren. Zu Lëtzebuerg sinn ëmmer nach vill ze vill Leit vun Aarmut beträff. Aarm ze sinn heescht och ëmmer zu engem gewëssenen Deel ausgeschloss ze si vum gesellschaftleche Liewen. Mir Piraten hunn nach ëmmer d'Meenung, wann et ëm Sozialpolitik an de Schutz virun Aarmut geet, dass et wichteg wär, de Schrëtt vum Grondakommes ze goen. Engem Grondakommes, wat iwwert de Wee vun enger negativer Akommessteuer jiddwerengem géif erlaben, genuch Suen ze hunn, fir um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen an net um Aarmutsrisiko ze liewen.

Mir wäerten deem Gesetz, dat awer leider just enger minimaler Adaptatioun entsprécht, zoustëmmen. An domat ginn ech den Accord vun de Piraten zu deemem Projet. Merci.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert, d'Ministesch fir Famill an Integratioun, d'Madamm Corinne Cahen.

Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Villmools merci, Här President. Villmools merci och dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. A merci och all de Membere vun der Familljekommissioun hei an der Chamber fir déi ganz flott Zesummenaarbecht.

Et war wichteg, dass haut dee Projet um Ordre du jour war zur selwechter Zäit wéi d'Augmentatioun vum Mindestloun vun 2,8 %. Dat muss menger Meenung no elo Hand an Hand goen, de REVIS, deen et elo zanter 2019 gëtt, an de Mindestloun, dass dat parallell leeft.

Mir sinn an enger Crise sanitaire. An déi Crise sanitaire, dat gëtt och fir verschidde Leit zu enger Crise morale a fir verschidde Leit zu enger wirtschaftlecher Kris. D'Leit hunn Angscht ëm hir Plaz an d'Leit hunn Angscht ëm hir Existenz. Mir hunn als Regierung probéiert, dat esou wäit et nëmme geet opzefänken. Mir hunn elo während der Pandemie, wou mer de Chômage partiel haten an ausgeweit hunn, decidéiert, dass déi am Chômage partiel, déi de

Mindestloun kréien, dass déi net 80 % kréien, mee 100 % vum Chômage partiel. Firwat? Ma well an enger Kris sinn déi Äermsten an déi Schwächst déi éischt Affier vun der Kris!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Mir schwätzen ëmmer vu vulnerabele Leit. A wa mer vun der Crise sanitaire schwätzen, da sinn déi Vulnerabel d'Leit iwwer 65 Joer, Leit mat Virerkrankungen. Mee vulnerabel sinn och déi Leit, déi net méi wëssen, wéi se hire Loyer um Enn vum Mount solle bezuelen, well se net méi déi nammlechte Revenuen hu wéi virun der Pandemie. Déi Leit, déi vläicht e kleng Betrib hunn, déi sech getraut hunn, mam Motto vun ons all, wou mer ëmmer soen: „Trau dech!“, déi hu sech getraut an op eemol wësse se net méi, wéi se hir Prëten oder hir Loyere solle bezuelen. Mir dierfen déi Äermst net vergiessen. Mir dierfen déi Schwächst net vergiessen. A wann ech vun deene Schwächste schwätzen, da schwätzen ech vun en alleguer. Wa mer vu REVIS schwätzen, da schwätze mer vu Leit, déi de REVIS kréien oder déi e Complément REVIS kréien, well se, wéi grad gesot ginn ass, vläicht net genuch um Enn vum Mount hunn, fir kënnen dignement hei am Land ze liewen.

Wa mer vum REVIS schwätzen, da schwätze mer awer och vu Leit, vun deene mer hoffen, dass se muer an eng Aarbecht kommen, dass se muer selwer nees kënnen fir hiert Liewen opkommen! An dofir brauche mer hei am Land Aarbechtsplazen! An dofir brauche mer hei am Land Entreprises, déi Aarbechtsplaze schafen! A mir sinn an enger Crise sanitaire. An et si Betriber, déi zou sinn. A mir hunn de Mëtteg héieren, dass se och nach zou wäerte bleiwen eng Zäit laang. A grad déi Betriber, déi am Moment keng Sue kënnen verdéngen an déi awer verschidde Fraisen hunn, déi weiderlafen, fir déi ass et besonnesch wichteg, dass mer hinnen hëllef, dass se d'Aarbechtsplaze kënnen erhalen, dass déi Aarbechtsplaze bestoe bleiwen, och iwwert den 1. Januar eraus, wou dann déi Aarbechtsplazen, wann et da Mindestléin sinn, ëm 2,8 % an d'Luucht ginn.

An dofir war et esou wichteg fir d'Regierung, fir och deenen ze hëllef, fir déi Aarbechtsplazen ze erhalen. An ech soen et nach eng Kéier: Ech denken, dass dee Parallelismus tëschent Ophiewe vum, also Hiewe vum Mindestloun an Hiewe vum REVIS a vum RPGH absolutt de pair muss goen, well de REVIS net däerf u Vitess verléiere par rapport zum soziale Mindestloun.

An da géif ech och gären eppes soen, wat de Mëtte gesot ginn ass, zwar net elo an deemem Kader, mee virdrun, eebe beim Projet de loi iwwert de Mindestloun: Et däerf een net vergiessen, dass, wann d'Leit eppes méi verdéngen, dann hu se och eppes méi fir auszeginn. An eppes méi fir auszeginn, dat heescht och fir déi kleng Betriber dacks nees eppes méi an der Keess. An eppes méi an der Keess, dat heescht vläicht och nees Aarbechtsplaze kënnen schafen!

An dofir sinn ech haut immens frou, dass souwuel dee Projet virun deem heite wéi och deen heiten d'Unanimitéit an der Chamber fënnt, well ech denken, dass dat nees de Beweis ass, dass, wa mer wierklech musse fir déi Schwächsten astoen, wa mer wierklech wellen deenen ärmsten a schwächste Leit hei am Land hëllef, da gëtt et net 31 Leit hei, déi eng Majoritéit bilden, mee da gëtt et hei an deem Land eng Unanimitéit. An dofir sinn ech och immens frou.

Villmools merci!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. André Bauler (DP).**- Ganz richtig!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Familljeministesch Corinne Cahen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 7722. Den Text steet am Document parlementaire 7722².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7722 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen, par vote électronique.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wellen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domat ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand

De Petitionunssite vun der Chamber

Start Är eege Petitioun oder ënnerstëtzt aner Petitioun mat Ärer Ënnerschrëft op www.petitions.lu.

Et ginn zwou Zorte vu Petitiounen: d'**Pétitions publiques** an d'**Pétitions ordinaires**.





Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser (par M. Fred Keup), Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. 7714 - Projet de loi modifiant la loi du 10 juillet 2020 portant prorogation de la dérogation aux dispositions des articles 3, 6, 7 et 9 de la loi du 1^{er} août 2019 concernant les mutuelles

Mir schléissen dës Sitzung mam Projet de loi 7714, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Zousazversécherungen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapporteur - dee steet prett -, dat ass nach eng Kéier den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

■ **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President, ech wäert ganz kuerz a ganz séier sinn.

Den 10. Juli hate mer schonn eng Kéier iwwert d'Verlängerung geschwat hei. An dunn ass se op den 31. Dezember gesat ginn, well mer gemengt hunn, domadder wäre mer wäit genuch no hanne geréckelt mat dem Delai. Haut geet et dann drëms, nach eng Kéier den Delai fir d'Generalversammlung vun de Mutuellen ze réckelen.

An dann och d'Transmissioun vu verschiddenen Dokumenter, déi déi Mutuellë musse brénge fir de Ministère de la Sécurité sociale, fir och deen Delai ze verréckelen, a gradesou och den Delai, deen de Contrôleur huet, fir d'Mutuellen ze kontrolléieren, fir deen och nach eng Kéier ze verréckelen op den 31.5. an déi aner Saachen op den 30.6. Also mir verlängeren nach eng Kéier ëm sechs Méint deen Delai, dee mer schonn eng Kéier verlängert hunn.

Méi ass zu dësem Gesetz och net ze soen. An der Hoffnung, datt mer dann deen Drecksvirus lass sinn, ginn ech heimat den Accord vun der LSAP an ech hunn ech heimat och dann de Rapport presentéiert. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Rapporteur Georges Engel. An éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Merci, Här President. Ee grouse Merci un de Rapporteur fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Et ass am Fong och eng Méiglechkeet, dass mer nëmmen eng Generalversammlung brauchen ze maachen, fir déi zwee Joer mateneen ofzedecken. Dat ass gutt esou. A loosse mer hoffen, dass mer net och eng Kéier mussen driwwer nodenken, fir dass et dräi Joer beienee sinn. Dofir gëtt och d'CSV d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz am Interêt vun de Mutuellen an hire Versécheren. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Spautz. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Pim Knaff.

■ **M. Pim Knaff (DP).**- Jo, am Numm vun der DP géif ech och dem Georges Engel Merci soe fir säi ganz gudden Rapport. An deem ass näischt bäizefügen. An ech ginn och den Accord vun der DP.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Knaff. An da wier et um honorabelen Här Charles Margue.

■ **M. Charles Margue (déi gréng).**- Ech maachen et wéi de Jean-Paul Schaaf gëschter gesot huet: Merci dem Rapporteur. An de Go vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Margue. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Jeff Engelen.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, et ass

just hei eng Datumsverlängerung fir d'Generalversammlung vun de Mutuellen op den 30. Juni 2021. An ech bréngen heimat den Accord vun der ADR. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Engelen. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Merci fir deen exzellenten a ganz éierleche mëndlechen an och schrëftleche Rapport. An ech hoffen, genausou wéi de Rapporteur, datt mer dat heiten net nach eng Kéier musse verlängeren an datt mer bis dohinner den - ech zitéieren de Rapporteur - „Drecksvirus“ lass sinn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Sozialminister Romain Schneider.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale.**- Jo, ech géif och vun dëser Plaz aus dem Rapporteur Merci soen, awer och där ganzer Kommissioun, fir datt mer och genau wéi an deenen anere Projeten, wou eigentlech kleng Punkten ze fixéiere sinn, ze verlängere sinn, relativ schnell virukomm sinn. An dofir och merci fir déi grouss Zoustëmmung. Ech mengen, et ass e klengen, mee et ass e wichtege Projet, well en einfach d'Méiglechkeet gëtt, bis den 30.6. d'Generalversammlung ze verlängeren an doduerch eigentlech och Sputt gëtt, fir déi ganz Gestoun vun de Mutuellë ganz gutt a propper ze maachen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Sozialminister Romain Schneider. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 7714. Den Text steet am Document parlementaire 7714³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7714 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8. Ordre du jour

Mir sinn um Schluss vun eiser Sitzung ukomm. Muer de Mëtteg um Ufank vun der Sitzung stëmme mer of iwwert déi véier Motiounen, déi haut um Ufank vun der Sitzung vun der Madamm Martine Hansen deposéiert gi sinn.

D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Sitzung ass opgehuewen.

■ **Une autre voix.**- Très bien!

(La séance publique est levée à 17.03 heures.)

Sommaire des séances publiques nos 16 à 18

16^e séance

Ouverture de la séance publique p. 210

Discours de M. le Président p. 210

Question élargie n° 60 de M. Gusty Graas relative à la récente dissonance franco-allemande quant au sujet de l'autonomie stratégique de l'Europe en matière de sécurité et de défense et la création d'une armée européenne p. 210-211

7517 - Projet de loi portant approbation de la Convention n° 122 de l'Organisation internationale du travail sur la politique de l'emploi, signée à Genève, le 9 juillet 1964

7518 - Projet de loi portant approbation de la Convention n° 144 de l'Organisation internationale du travail sur les consultations tripartites relatives aux normes internationales du travail, signée à Genève, le 21 juin 1976

7519 - Projet de loi portant approbation de la Convention n° 187 de l'Organisation internationale du travail sur le cadre promotionnel pour la sécurité et la santé au travail, signée à Genève, le 15 juin 2006

7521 - Projet de loi portant approbation du Protocole P029 - Protocole de 2014 relatif à la convention sur le travail forcé, 1930, adopté par la Conférence générale de l'Organisation internationale du travail, fait à Genève, le 11 juin 2014 p. 211-214

Interpellation de M. Marc Baum au sujet des politiques d'investissement du FDC et du FSIL p. 214-224

Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Baum p. 215

Question élargie n° 59 de M. Laurent Mosar relative à la politique de recouvrement des créances fiscales p. 224-225

7611 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée aux fins de :

1° transposer l'article 2 de la directive (UE) 2017/2455 du Conseil du 5 décembre 2017 modifiant la directive 2006/112/CE et la directive 2009/132/CE en ce qui concerne certaines obligations en matière de taxe sur la valeur ajoutée applicables aux prestations de services et aux ventes à distance de biens ;

2° compléter la transposition de la directive (UE) 2018/1910 du Conseil du 4 décembre 2018 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne l'harmonisation et la simplification de certaines règles dans le système de la taxe sur la valeur ajoutée pour la taxation des échanges entre les États membres ;

3° transposer la directive (UE) 2019/1995 du Conseil du 21 novembre 2019 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne les dispositions relatives aux ventes à distance de biens et à certaines livraisons intérieures de biens ;

4° transposer la directive (UE) 2019/2235 du Conseil du 16 décembre 2019 modifiant la directive 2006/112/CE relative au système commun de taxe sur la valeur ajoutée et la directive 2008/118/CE relative au régime général d'accise en ce qui concerne l'effort de défense dans le cadre de l'Union p. 225-226

17^e séance

Ouverture de la séance publique p. 227

Communications p. 227

Ordre du jour p. 227

Heure d'actualité sur la stratégie de vaccination Covid-19 au Luxembourg p. 227-231

7508 - Projet de loi relative au climat et modifiant la loi modifiée du 31 mai 1999 portant institution d'un fonds pour la protection de l'environnement p. 231-239

7679 - Projet de loi portant introduction de mesures temporaires relatives à l'application des articles 12 et 18 de la loi du 17 avril 2018 concernant l'aménagement du territoire dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 p. 239-240

7661 - Projet de loi portant introduction d'une prime unique pour la promotion de l'apprentissage dans le domaine de la formation professionnelle p. 240-242

7509 - Proposition de loi portant modification de :

1° la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques

2° la loi électorale modifiée du 18 février 2003 p. 242-244

18^e séance

Ouverture de la séance publique p. 244

Dépôt de quatre motions par Mme Martine Hansen p. 244-245

Désignation d'un Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher p. 245

7516 - Projet de loi portant modification :

1° du Code du travail en vue de transposer la directive (UE) 2018/957 du Parlement européen et du Conseil du 28 juin 2018 modifiant la directive 96/71/CE concernant le détachement de travailleurs effectué dans le cadre d'une prestation de services ;

2° de la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de - la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ; - la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ; - la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ; - la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ; - la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale p. 245-248

7719 - Projet de loi modifiant l'article L 222-9 du Code du travail p. 248-251

7722 - Projet de loi portant sur la modification de :

1° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

2° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale p. 251-253

7714 - Projet de loi modifiant la loi du 10 juillet 2020 portant prorogation de la dérogation aux dispositions des articles 3, 6, 7 et 9 de la loi du 1^{er} août 2019 concernant les mutuelles p. 253

Ordre du jour p. 253